

Arem Sprooch ☺

An dëser KLACK hunn EISER Wierder e Stäerchen*

Zënter 25 Joer poteren*, babbelen, diedegen* a schwätze mir ewell* hei an eiser KLACK iwwer déi Sprooch, déi nun emol en Haaptstéck vun eiser Eegenart ass; net manner wéi do Maltesesch, Islännesch, Irlännesch ... déi iwwregens vun net esou vil-le Leit geschwat gi wéi d'Lëtzebuergesch.

Wann deem „Idiom“ vun de Lëtzebuurger seng Wuerzelen net esou déck an net esou déif si wéi aner, da läit dat vrun allem drun, datt mir eis Sprooch nun emol vill manner* schreiwen, also „dokumentéieren“ ... well mir an der Schoul direkt zwou an duerno esou guer dräi aner Schreif-Sproochen an de Bic gestach kréien. Ee Gléck huet dat sech eng Grimmel gedréint, well esou vill wéi haut ass d'Lëtzebuergesch nach ni schrëftlech gebraucht ginn. Si gëtt haut net nëmme méi geschwat, mä tonneweis geschriwwen; datt dat Geschreifs heinsdo „schuddereg*“ ass, dat wier eng aner Diskussioun; wichteg ass „alt emol“ geschriwwen! **Eent ass ower sécher: Eist normaalt „Schwätzen“ ass net mat „Schnëssen“ ze verwiesselen!** Am Däitschen: Jo! Do ass „schwätzen“ gelungenerweis ongeféier esou negativ wéi eist „schnëssen“ oder „braddelen“.

Ech weess net, wien den Titel „Schnëssen“ fir déi (intressant) Initiativ vun eiser Uni fonnt, virgeschloen an duerchgesat huet, fir déi verschidde Wierder regional- oder uertschaftsméisseg ze „sammelen“ a quantitativ ze verschaffen. Jiddefalls keen, deen d'Lëtzebuergesch richteg „drop“ huet. **„Schnëssen“ ... huet bei äis eng ganz aner Bedeutung (Konotatioun) wéi just „schwätzen“ (Semiologie!).** Wann ech mat mengem Noper schwätzen, dann ass dat net onbedéngt eng „Schnësseg*“; beim Patt* gëtt e sëlliche* matenee gepotert*, gediedegt* oder gemault, net onbedéngt „geschnësst“; dat ass zimlech „hänkeg*“, „queesch*“ an net grad „léif“, fir net ze soen esou guer e bësse baupseg*, granzeg, ze soen negativ gefierft. Wien e bësse Fanger- oder villméi Mondspëtzegefill fir d'Lëtzebuergesch huet, dee weess ganz kloer, datt „schnëssen“ eppes ganz anescht ass wéi einfach „schwätzen“ ... drolegerweis* ower anescht mam däitsche „schwätzen“ am selwechten Tirang stécht!

Jiddereen, deen eis Sprooch e bësse am Gebrauch huet, weess och, wat eng „Schnës“ ass; dat ass bestëmmt net léif iwwer e Gesiicht geschwat (Lidd: *Wat eng Schnës!*). A wann ech soen, et hätt een eng „Schnës“ geschnidden, da war hie jo éischer granzeg / rosen*. ... et feelt net vill, da gëtt hie mir eng ... op d'Schnës*! **Op jiddfer Fall ass et net positiv, wann ee mengt, en aneren hätt eng „Schnës gemaach / geschnidden / dohinner gehaang“.** Soe mir vun engem, hie wier e „Schnësst*“, dann hale mir net apaart vill vun deem, wat hie seet / schwätzt. Dat ass dann datselwecht, wéi wa mir genge soen, hie wier e Braddeler*, oder och nach e Sab-beler*, Tuddeler*, Saffthari* ... wierklech alles wéi net fein / positiv. **Hei gesi mir ze soen niewebäi, datt eis Sprooch gaaaanz intressant Gefillsënnerscheeder ze bidden huet ...** oder „hätt“, wann ee sech emol méi gemitterlech dra knéit.

Vläicht ass et net „dolaanscht*“, drun ze denken, datt emol dësen oder deen Uni-student (oder e Kollektiv) sech Gedanken iwwer eng Diplomaarbecht um Gebitt vun der „Polyvalenz“ bei den Ausdréck a Lëtzebuergismen **an eisem Our-Sauer-West-Musel-Fränkesch** kënn maachen. Et „déit“ ee sech wonneren, wat fir en herrleche Mo-saik ee mam Lëtzebuergesch kënn zesummestellen.

Ech si wierklech gespaant, wat bei deer aktueller Initiativ vu „Schnëserei“ erauskënn. Leider ass se **net ganz „kiddelféx*“, wat d'Prinzip vu sougenannte wëssenschaftlechen „Ëmfroen“ ugeet.** Et kann een dach net einfach zwou Stëm-me vu Wolz, zwou vu Gréiwemaacher, zwou vun Esch, zwou vun Dummeldeng op ee Leescht zéien an doraus Prozentsätz maachen; déi eng wéi déi aner stinn dach fir ganz verschidden „Entitéiten“! Rechent emol d'Prozenter aus, wann eng Dosen Éisleker, zéng Leit aus dem „Süden“, néng Intresséierter aus dem Zentrum a fënnf Adressate vun der Musel sech iwwer ee bestëmmten Ausdréck mellen, z. B. mat *net, eis, Dënschdeg* ... an da relativéiert dir dat eeriicht* a Prozenter ... dat gëtt statistesche Bulli ... well et nun emol eben net „relativéiert“ ass! Doriwwer kënn de Frënd Fernand Fehlen e ganze Kuerf méi ewéi mir mat äis „schwätzen“ ... net „schnëssen“. Mat e bësse lwwerleeës* kënn een net dolaanscht, datt déi ganz Entreprise nach zimlech wibbeleg* op de Been ass.

Eppes ass sécher: Eis Sprooch ass immens méi räich wéi een et bei esou enger fuddeleger* „Schnëserei“ kann erauskruwwelen*! Näischt fir ongutt.

Rote Bete asw.?

Dat ass eng gutt a gesond Saach ... ower net fir eis Sprooch, well do heeschen se **„rout Rommelen*“**, am Franséische frot dir „betteraves rouges“. Firwat solle mir eng „choucroûte“ iessen, wa mir „Sauermous*“ hunn; „Sauerkraut“ guff iwwregens och ni hei agemaach. Probéiert emol eis **Akaul*/Laiskaul*** ganz séier (net „schnell“!) an eng aner Sprooch ze iwwersetzen, vläicht och, engem Fransous auserneenedin, dir hätt **„eng wëlles*/an der Kopp*“**, et wier esou **„sëlliche* dorëmmer* doruechter*“**, dat eis Sprooch giff **verschampeléieren***, an et giff elo **„déck duergoen“**, datt ech mech **„mat mengem Gesouers* geng ginn“**. Wat ass dat Lëtzebuergesch ower esou aarm, gellid ... oder si mir selwer sproocharm? ☺

Hätt dir geduecht ...

... datt d'Ausdréck hei hannendru just eleng „EISER“ sinn? Probéiert emol, si an egal wat fir eng aner Sprooch ze iwwersetzen: **plakeg - gaschteg - ee lichen - schaufel - tu-jeleg - sech begannen, druginn - ugoen - elle Mouk - poteren - wéischt - Klatzkapp - de Sak kréien - ee lasszéien - eng hänken hunn - hämmsen - sech houen** ... ok, dir sot elo, eng Partie dovu wieren iech net bekannt; dir hätt déi nach ni héieren: Majo, dat ka ganz gutt sinn, ower **kennt e Fransous dann all Wuert an Ausdréck, déi mir am „Petit Robert“ oder dem „Larousse“ fannen.**

En intressant Beispill aus dem Pol Greisch sengem leschten Theaterstéck: **schamper** ... dat heescht am Fong „aremséileg, schwaach“ ... ower och nach „schau-fel*/schappeg*“: Dir kennt dat net? Soll dat dann elo missen heeschen, datt et „scham-per“ net gëtt? Am Däitschen, dem Franséischen oder dem Englesche ginn et Dausen-den Ausdréck, déi den „Normalo“ net a sengem Gebrauch huet ... oder net emol kennt. Sol-len déi dann elo einfach alleguer an de Fatzekuerf* misse gehäit ginn. Ëmgedrëint: Eis Sprooch kennt Honnerte vun houdäitschen Ausdréck net, déi bëllegerweis a muttwëlles iwwer Radio- oder TV-Mikro an d'Lëtzebuergesch erageschleeft ginn! **Do däerf et ower net bei Humpen- oder Prabbelisgesprécher bleiwen.**

E puer Beispiller: Et muss een op aner Leit „Récksiicht huelen“ ... dat ass jo 100 prozentesch Däitsch, an och nach déi hoergenee lwwersetzung vun laténgesche *respec-tare*, aus deem dann de „Respekt/respektéieren“ entsteet, also! **Firwat déi Réck-siicht?** – Eng Partei huet zwee Sätz „zougeluecht“ ... da gesäit ee se jo net méi! Dat heescht op Lëtzebuergesch „bäigeluecht“! **Mir leeën nëmme eppes zou, dat een dann net méi gesäit.** „Kierzlech“ hunn ech de Jang begéint ... a wat maache mir da mat „dëslescht*“? Déi zackerdjëssen* däitsch Tramsschinn, gellid. Ass iech och ewell op-gefall, datt bei äis am Fong kee *flücht* ... do hu mir deen eenzegartegen Dréi, hie wier **„ugaang“** oder ganz einfach **„fortgelaf“**; firwat solle mir dat dann einfach esou an den Dreckseemer geheien?

Loosst mer emol „stëppelen*“

Hätt dir geduecht, datt mir et hei mat engem vun eisen **Honnerte vun total oniw-wersetzbar Wierder** ze dinn hunn? Et geet verluer, wa mir et wëllen z. B. an d'Dä-itscht, d'Franséisch oder d'Englescht iwwersetzen (*sticheln, stochern, envoyer des pics, to gibe/nettle*); deemno „lost in translation“. Dobäi kënn nach, datt **eist „Ge-stëppels“ am Lëtzebuergesch net nëmme eng eenzeg Bedeutung huet:** Mir stëppelen net nëmme een deen aneren (de *Feierkrop* huet säin Titel jo och alt net ge-stuel, well et gëtt jo och mam „Krop*“ am Feier gestëppelt ... „Krop“ iwwregens och 100 Prozent Eises!). **Den „Zahnstocher“ brauche mir am Fong guer net**, well jo keen op Lëtzebuergesch an engem Zannt „stochert“ mä stëppelt ... et misst also „Zänn-stëppeler“ heeschen. Aus deem Ganze kommen dann och nach d'Haaptwierder „Stëp-peler“, „Gestëppels“, „Stëppelerei“; och esou guer eppes, dat haut net méi esou be-kannt ass, well et nach knapps gemaach gëtt: de „Stëppelkotteng*“, e Fuedem, mat deem d'Lächer an de Strëmp gefléckt, dat heescht „gestëppelt“ guffen; do guff dann e „Stëppel-Ee“ dra gestach, fir datt et sech méi kamout geschafft huet.

Iwwregens: Et gëtt der vill, déi fannen, datt **hei an eiser KLACK (zënter 26 Joer!) och nawell dacks zimlech gestëppelt** gëtt. Dat ass net falsch, mä bedenkt emol, wéi et haut mat eiser Sprooch wier, wann net fir d'Uerschafts- an d'Stroossennimm, fir eist Sproochegesetz vun 1984 a fir e Quascht aner Sprooch-Problemer „gestëppelt“ gi wier.

Kleng a knatzeg*, ower ...!

Fir d'Wierder (Substantiven, Verben, Adjektiven/Adverben, Konjunktionen asw.) an engem Saz zesammenzehalen, ginn et an de Sproochen, mat deene mir méi „kënneg“ sinn, **deer butzeger* Wierdercher, déi am Fong fir sech eleng näischt heeschen:** *ab, zu, bei, um - à, sur, pour, comme - of, to, ...* Wichteg ass et net, si elo feierlech „Präposi-tionen“, „Konjunktionen“ asw. ze nennen ... mä ze ënnersträichen, datt dës Wierder-cher souzesoen **d'Salz an de Sätz an domat de „Schmackes*“ vun enger Sprooch** sinn. Ower net, wa si duercherneegerëst* ginn, wéi et engem an de Kapp kënn!

Huelt am Lëtzebuergesch **dee klenge Wutz vu „bäi“**; macht vrun allem emol e Ver-glach mam däitsche „bei“: da mierkt dir séier, datt een dat eent ower och glat net ein-fach fir dat anert kann huelen. Sot emol nëmme: *Der ist mit dem Auto beigegangen; ich ging bei den Arzt; da bin ich aber beigelaufen; er hielt in dieser Sache gut bei; gib ihm noch etwas bei* ... hei gëtt natierlech direkt gesot, dat wier dach falsch; stëmmt. Béit déi Sätz emol riicht*, da mierkt dir, datt **esou e klengt Wiertchen och e Stéck vun engem Sproochgesiicht** ass. Grad esou krommenoleg* ass et, wann et ewell* esou dacks heescht „*ab*“ 7 Auer wieren d'Butteker zou ... aplaz „*vu 7 Auer un*“. Naja.

Mir wënschen Iech alleguer en heemelegen Advent, schéi Feierdeeg an en zefriddent Neit Joer!